**Schoulcharta**
**Schoul Gemeng Schengen**

Mir wëllen, dass all d'Partner, déi an eiser Schoul zesumme schaffen, léieren a liewen no hire Méiglechkeeten zu engem positive Schoulklima bäidroën. Dofir brauche mir Reegelen a gemeinsam Ziler, déi mir an dëser Schoulcharta wëlle festhalen :

## 1. Pflichten a Rechter fir d'Schoulkand

*Ech wëll an eng propper Schoul goën, mech do wuelfillen a gudd zesumme schaffen.*
*Ech hunn d'Recht als Mënsch esou akzeptéiert a respektéiert ze ginn wéi ech sinn,*
*egal ob Jong oder Meedchen*
*egal wéi eng Hautfaarw ech hunn*
*egal, wéi ech ausgesinn*
*egal, wéi eng Relioun ech hunn*
*egal, aus wéi engem Land ech kommen.*
*Ech hunn d'Recht meng Meenung matzedeelen, ouni dass ech ausgelaacht ginn.*

Dofir wëll ech mech u folgend Reegelen halen

### a) Den Emgang mateneen

**>** Mir respektéieren eis géigesäiteg a si fein mateneen.
Dat heescht : ouni Gewalt, verbal oder kierperlech.
> Ech zwénge keen zu eppes wat hien/hatt net maache wëll.
> Mat mengen Aussoën däerf ech kengem aneren wéih doën.
> Ech lauschtren deenen aneren no wann se schwätzen a si frou, wa mir och nogelauschtert gët.
> Ech passen op meng Schoulsaachen op a respektéieren och deenen aneren hier Saachen, huele kengem eppes ongefrot ewech oder maachen et futti.
> Wann  ech an e Sträit geroden, da soën  ech dem Léierpersonal Bescheed.

**b) Virun der Schoul**

> Wann ech an d'Schoul kommen, da waarden ech am  Schoulhaff bis et schellt.

> Wann et schellt, stelle mir eis an enger Reih op, op däer Plaz, déi mir gewise kruten. Ech waarden op d'Joffer, de Schoulmeeschter a gi mat hinnen zesummen an de Klassesall

> Wann ech mam Velo an d'Schoul kommen, da stellen ech deen op däer virgesinner Plaz of a fuere net dermatt duerch den Haff.

> An der Rei gët net gestouss a gedréckt an et gët och net méi mam Ball gespillt.

**c) Am Unterrecht**

| |
|---|
| *Ech hunn d'Recht drop, dass de Schoulmeeschter / d'Joffer mir d'Schoulmatière verständlech erkläert, an dass all d'Kanner fair behandelt ginn.* |

> Vun Schoulufank bis Enn bleiwen ech um Terrain vun der Schoul.

> Ech hale mech un d'Reegelen aus eisem Klassevertrag, déi mir deen éischte Schouldag mat der Léierpersoun festgehal hunn.

> Ech versichen pünktlech ze sinn a maache meng Aarbechten uerdentlech a gewëssenhaft.

**d) Um Terrain vun der Schoul**

**>** Ech halen eist  Schoulgebai propper, dozou zielen Gank, Haff, Klassesall, Turnhal an Toiletten. Den Offall geheien  ech an di richteg Poubellen.

> Ech fueren net mam Velo, Skateboard ... oder mat Rollschong am Schoulhaff, well dat geféierlech ka sinn.

> Mäin Handy ass während mengem Openthalt um Terrain vun der Schoul ausgeschallt.

> Ech maachen am a rondrem d'Schoulgebai näischt futti.

> Geféierlech Saachen, wéi Knupperten, Messer hunn am Schoulgebai an am Schoulhaff näischt verluer.

**e) An der Paus**

> An der Reegel sinn all d'Kanner an der grousser Paus dobaussen a spillen op deene Plazen déi d'Joffer / eisen Schoulmeeschter eis gewisen hunn.

> Mam Ball spillen ech op den Terrainën, déi extra dofir geduet sinn.

> Ech halen mech un d'Uweisungen vum Léierpersonal, dat Surveillance huet.

**f) No der Schoul**

> No der Schell maache mir am Gank eng Reih a ginn zesummen op de Bus.

> Um Busarrêt stellen ech mech an di richteg Reih.

> Wann ech iwwert den Zebrasträife ginn, waarden ech op de Schoulmeeschter /d'Joffer, déi mech begleet.

> Wann ech an d'Maison relais ginn, da ginn ech direkt zu deem Treffpunkt, wou d'Educateure / d' Educatricen op mech waarden.

**g) Am Schoulbus**

> Ech klammen roueg an de Bus an aus dem Bus, ouni di aner ze stoussen.

> Ech sëtze mech am Bus, strécken mech un a stinn réischt op, wann ech erausklamme muss.

> Ech respektéieren déi aner Leit am Bus.

> Ech jäizen net am Bus fir dass ech de Chauffer net oflenken, deen sech op de Verkéier konzentréiere muss.

**h) An der Schwämm**

> An de Vestiairën gët kee Kaméidi gemaach an ech verléiere net onnéideg Zäit beim Un- an Ausdoën.

> Ech leeë meng Kleeder an d'Schief hannert de Vestiairën.

> Ech dusche mech mat Seef of a waarden beim Schwammbasséng op de Bänken op d'Uweisungen vum Schwammmeeschter /Schoulmeeschter

> Ech respektéieren d'Reegelen, déi an der Schwämm gëllen.

Ech si bereet, mech un des Reegelen ze halen

## 2. Rechter a Pflichten fir d'Elteren

*Ech hunn e Recht dorop, all wichteg Informatiounen vun der Schoul ze kréien, wat besonnesch Evenementer, Ännerungen a bestëmmte Virfäll betréfft.*
*Ech hunn e Recht dorop, mat dem Schoulmeeschter / der Joffer iwwert d'Verhalen an d'Leeschtungen vu mengem Kand an Eenzelgespréicher ze schwätzen a gemeinsam no Léisungen ze siche wann et Probleemer ginn.*

> Ech vermëttle mengem Kand eng positiv Astellung géintiwwer der Schoul an hire Partner.
> Doheem suergen ech derfir, dass mäi Kand di néideg Ennerstëtzung, Zäit a Rouh huet fir konzentréiert ze léieren.
> Sou passen ech op, dass d'Kand reegelméisseg, gewëssenhaft an uerdentlech seng Hausaufgabe mëcht.
> Ech suergen derfir, dass d'Kand pünktlech moies an d'Schoul kënnt an entschëllegen et, wann et eemol ze spéit kënnt.
> Wa mäi Kand krank ass, dann hunn ech d'Pflicht an der Schoul Bescheed ze soën (wa méiglech ab deem éischten Dag iwwer Telefon, mat enger schrëftlecher Excuse, ab dem 3. Dag mat engem Attest vun engem Dokter).
> Wann ech mäi Kand mam Auto an d'Schoul bréngen oder et siche kommen, da stellen ech mech op déi virgesinne Parkplazen, sou dass ech di aner Kanner a Leit, déi ënnerwee sinn net a Gefor bréngen.
> Ech besuergen d'Schoulmaterial dat mäi Kand an der Schoul brauch a kontrolléiere reegelméisseg wann eppes nokaaft muss ginn.
> Ech erkläere mengem Kand wat e respektvollen Emgang géintiwwer de Matmensche bedeit, a beméihe mech, him dëse Respekt bäizebréngen.
> Fir d'Paus ginn ech dem Kand eppes matt wat zu enger gesonder Ernährung gehéiert.
> Ech hunn d'Pflicht u schoulesche Veranstaltungen deelzehuelen.

Mir si bereet eis un eis Pflichten ze halen

## 3. Léierpersonal

**Meng Pflichten vis à vis vun de Kanner**

> Ech suergen derfir, dass d'Kanner sech an der Schoul wuel a sëcher fillen.
> Ech versichen all Kanner esou gudd wéi méiglech ze ënnerstëtzen, sou wéi et fir si am Beschten ass.
> Sou wéi et mir méiglech ass, bidden ech all Kand do Hëllef un, wou et se brauch.
> Ech wëll e respektvollen Emgang mateneen, am géigesäitegen Vertrauen.
> An der Schoul suergen ech fir eng positiv Atmosphär, wou jiddereen no senge Méiglechkeeten mat Erfolleg léiere kann.
> Ech belounen positivt Verhalen, Hëllefsbereetschaft a gudd Manéieren.
> Bei Reegelverstéiss wëll ech konsequent bleiwen an do Sanktiounen asetzen, wou et néideg ass.

**Meng Aufgaben vis à vis vun den Elteren**

> An Zesummenaarbecht mat den Elteren trieden ech fir di schoulesch Bildung vun de Kanner an.
> Duerfir stinn ech bereet zu Gespréicher mat den Elteren bei Probleemer.
> Ech suergen derfir, dass d'Elteren sech u schouleschen Aktivitéiten bedeelege kënnen. Duerfir informéieren ech si mat Zäiten iwwert besonnesch Aktivitéiten an Evenementer.

Ech si bereet, meng Aufgaben a Pflichten anzehalen

## Schoulcharta – Annexe 1

**Verhalen bei Feieralarm !**
Wann et zu engem Alarm kënnt, da verloosse mir als Klass zesumme mam Schoulmeeschter / der Joffer roueg d'Schoulgebai, op deem kierzeste Wee.
D'Fënsteren ginn zougemaach an d'Luten aus. Eis Jaquette an d'Schoulsaache mussen eventuell dobanne bleiwen.
Am Schoulhaff stelle mir eis beieneen op, do wou et virgesinn ass, a wou d'Léierpersonal eis eenzel oprifft.

## Schoulcharta – Annexe 2

**Sanktiounen**
Bei Reegelverstéiss, kënnt et zu Sanktiounen, iwwert déi all concernéiert Partner informéiert ginn.
Dozou gehéiren:
1) e Gespréich mam Schüler, mat der Schülerin / bei méi schlëmme Verstéiss mat den Elteren
2) e gemeinsamt Ofkommen fir et an Zukunft besser ze maachen
3) e mëndlchen Reproche iwwert dat schlecht Verhalen
4) de Schued behiewen (materiell) oder eng Entschëllegung
5) d'Konfiskéieren vu Saachen (zB den Handy wann en onerlaabt um Schoulterrain am Gebrauch war)
6) schrëftlech Strofen, déi je no Cycle festgehale ginn, an iwwert déi och d'Elteren informéiert ginn.

Schoul Gemeng Schengen

Schoul Gemeng Schengen